FAPSYLUX
Fédération des Associations représentant des Psychothérapeutes au Grand-Duché de Luxembourg - association sans but lucratif

18.01.2023

**Communiqué de presse**

Zanter 2017 setzt sech d'FAPSYLUX asbl dofir an, dass all Persoun zu Lëtzebuerg en direkten Zougang zu enger qualitativ héichwäerteger a vun der CNS rembourséierter Psychotherapie kritt. An dëse fënnef Joer hunn sech d'Verhandlungen tëschent der FAPSYLUX asbl an der CNS haaptsächlech ëm de Kader an ëm d'Konditioune gedréint, ënnert deenen eng psychotherapeutesch Behandlung stattfannen däerf. Den Tarif huet am Verglach dozou just eng ganz marginal Roll gespillt, an ass gezielt vun der CNS benotzt ginn, fir der Press ze vermëttelen, dass den Haaptproblem an den Tarifverhandlunge géing leien.
Fënnef Prämissen haten an de Verhandlunge fir d'FAPSYLUX asbl eng ganz héich Prioritéit, woubäi op genee deene Punkte vun der CNS ëmmer erëm probéiert ginn ass, de Patienten den Zougang an hiert Recht op eng Psychotherapie ze begrenzen an d'Psychotherapeute vun hirer Autonomie, souguer Deontologie ze privéieren.
Am Endeffekt hunn sech déi jorelaang Diskussiounen gelount an d'FAPSYLUX asbl kann et als Erfolleg verzeechnen, dass duerch d'Afuerdere vu follgende fënnef Punkten de Patienten hir Rechter däitlech gestäerkt kënne ginn:

1. De Patient kritt d´Méiglechkeet entweder direkt bei de Psychotherapeut ze goen, oder e gëtt vum Dokter bei e Psychotherapeut orientéiert.
2. All Patient, egal wéi een Alter a Pathologie, soll vum Remboursement kënne profitéieren.
3. De Patient kritt d´Méiglechkeet, dräi Psychotherapiestonnen ze kréien fir ze kucken ob eng Psychotherapie indizéiert ass, an ob de Choix vum Psychotherapeut fir de Patient de richtegen ass.
4. De Patient soll sech vu sengem Dokter en Avis huelen, dass et keng Contre-indication fir eng Psychotherapie gëtt.
5. De Patient kritt d'Méiglechkeet bei all Psychotherapeut ze goen, deen zu Lëtzebuerg den Titel an d'Unerkennung vum conseil scientifique huet.

D'FAPSYLUX asbl begréisst et deemno, dass elo e weidere Schrëtt an d'Richtung vum Remboursement gemaach ass an elo all Patient vun engem Traitement profitéiere kann.
Mat der Aart a Weis, wéi et zu deem Remboursement kënnt, kann d'FAPSYLUX asbl allerdéngs net d'accord sinn. De Code de la Sécurité Sociale ass op verschiddene Punkten net respektéiert ginn, weder vun der CNS, nach vum Sozialminister Claude Haagen.
Per Règlement Grand-Ducal kréien d'Psychotherapeuten elo de Kader a souguer den Tarif op eng rechtlech fragwürdeg Aart a Weis imposéiert, woubäi zum Kader nach ëmmer e puer Froen opstinn an d'Konditiounen deelweis nach zu Aschränkungen féieren, déi eng anstänneg a qualitativ héichwäerteg Psychotherapie erschwéieren. Eleng beim Numm vum acte "Psychothérapie de soutien" gëtt imposéiert, dass Psychotherapie just als Ënnerstëtzung soll hir Platz am Gesondheetssystem fannen, a net als eng vun den Haaptbehandlungsmethode vu psycheschen Erkrankungen.

An trotzdeem ass d'Resultat aus de jorelaange Verhandlunge fir den Ufank a fir e Pilotprojet vun zwee Joer ganz akzeptabel.
Awer bleift d'Suerg bestoen, dass de Beruff vum liberale Psychotherapeut nach ëmmer ze onattraktiv ass, fir déi steigend Demande, déi de Remboursement mat sech wäert zéien, opzefänken.

FAPSYLUX asbl
10A, Elterstrachen
L-7260 Bereldange

Email : contact@fapsylux.lu